**Dem Josy seng**

# 10 iPad-Gesetzer

1. **Ech passe ganz gutt op mäin iPad, de Pencil an op d'Tastatur op**, souwuel an der Schoul ewéi och doheem. Ech verléiere meng Accessoiren net.

2. **Ech si responsabel fir alles**, wat domat passéiert. Ech benotzen en net fir illegal Aktivitéiten. **Ech respektéieren d'one2one-Charta an dës Regelen.** Bei schlechtem Behuele kann ech soss den iPad ewechgeholl kréien.

3. **Ech vergiesse meng Usernimm a Passwierder** fir déi verschidden Déngschter (IAM, Eduroam, Office365, Managed (Schoul-) AppleID etc.) **net**. Ech eleng sinn zoustänneg fir meng perséinlech Apple-ID a mäin Usage dovunner (nëmmen 2e a 1re).

4. **Mäin iPad ass all Moie fir 8:15 Auer voll gelueden** a prett fir d'Aarbecht. Wann ech d'Luede vergiess hunn, notzen ech den Opluedservice an der Bibliothéik (w.e.g. mam iPad a mat der myCard beim Här Leurs mellen).

5. Wann ech an der Schoul sinn, **benotzen ech den iPad just am Klassesall** oder an der Bibliothéik (CDI just no 14:20 Auer, net während der Mëttesstonn). Ech benotzen en net am Gewulls um Gank, net an der Cafeteria an net am Schoulrestaurant.

6. **Ech benotzen am Cours just déi Apps an Internet-Säiten**, déi mäi Proff gesot huet (kee Facebook, kee Youtube oder Internetspiller am Hannergrond etc).

7. Ech **installéieren selwer keng Apps** a läschen och keng (7e bis 3e inklusiv). Och duerno ass **d'Schoulsoftware méi wichteg** ewéi meng privat Applikatiounen (Spiller etc.).

8. **Ech filmen a fotograféieren näischt,** zou deem ech net berechtegt sinn, an ech verbreede Fotoen a Filmer och net virun. Ech respektéieren d'Rechter um Bild.

9. Ech **passen och gutt op meng Donnéeën op** a späichere méiglechst alles an der Cloud.

10. **Tëscht de Stonne läit den iPad am Rucksak.** Am Ufank vun der Stonn ass en zougeklappt op der Bänk. Ech muss net um Ufank vun all Stonn opgefuerdert ginn, mäin iPad auszemaachen an ewechzeleeën, wann net domat geschafft gëtt.

**ipad@ljbm.lu**